Interview
iwwert d'Rechter vun de Kanner

Gespréich mat der Madame Marie Anne Rodesch-Hengesch, Ombudsfra fir d'Rechter vum Kand

Den 19. Januar huet sech d'Equipe aus der Redaktioun mat der Madame Marie Anne Rodesch-Hengesch, Ombudsfra fir d'Rechter vum Kand an dem Linda Berscheid (Stagiaire am Ombudskomitee fir d'Rechter vum Kand; hatt studéiert Droit am 4. Joer) iwwert d'Kannerrechter an de Schutz vun de Kanner zu Lëtzebuerg ënnerhalen.

Madame Rodesch-Hengesch ass vu Beruff Assistante sociale an si huet virdru laang an engem Heem geschafft. Si huet och Formatiounen an der Mediatioun an a Konfliktbehandlung- a schlichtung gemaach. Si ass Presidentin vum Ombudskomitee fir d'Rechter vum Kand. An dësem Komitee ass eng Affekotin, e Psycholog, eng Journalistin, eng Infirmière pédiatrique graduée an e Schoulmeeschter.

Säit 2 an engem hallwe Joer schafft nieft der Ombudsfra d'Françoise GILLEN, Juristin mi-temps fir den Ombudskomitee fir d'Rechter vum Kand.

D'Madame Rodesch-Hengesch huet 4 Kanner an elo mëttlerweil 2 Enkelkanner.

- **Wéi eng Rechter hu Kanner?**

Madame Rodesch-Hengesch: Et ginn 42 Rechter, déi an enger Charta zu New York den 20ten November 1989 niddergeschriwwe goufen. Z.B. e Kand huet d'Recht seng Identitéit ze kennen, e Kand huet d'Recht ze wëssen, wou et hier kënnt, e Kand huet d'Recht op eng Nationalitéit, op en Numm, op eng Famill. Et ginn hei zu Lëtzebuerg nach Kanner, déi staatelos sinn. All Kand huet d'Recht eng Nationalitéit ze hunn, all Kand huet d'Recht an d'Schoul ze goen. D'Flüchtlingen, déi hei an d'Land kommen, hunn och d'Recht an d'Schoul ze goen och wann se keng Pabeieren hunn.
All Kand huet d'Recht op medezinesch Versuergung, och wann do d'Eltere keng Krankekeess hunn. Déi Onkäschte gi vum Staat iwwerholl, wann d'Kand krank ass.
Zu Lëtzebuerg ginn et och mannerjäreger, déi iergendwou aus engem Land fortgelaf sinn, aus Afrika: dem Senegal, Ethiopien, Gabon, Equador, aus Nigeria oder aus Russland. Dat si Jonker, déi aus hirem Land fortlafen, well do e Krich oder en arméierte Konflikt ass, an déi dann iergendwann de Wee hei op Lëtzebuerg fannen. Déi Kanner hunn och Recht op spezielle Schutz. Si kréien e Momper genannt an en Affekot an da gëtt gekuckt, ob déi Jugendlech zréck bei hir Famill kënne goen. Wann dat net méiglech ass, gëtt gekuckt, ob se kënnen heibleiwen, ënner wéi engen Ëmstänn.
All Kand huet och d'Recht op Medienerzéiung. Et ass ganz wichteg, dass een de Kanner erkläert, wéi eng Geforen et am Internet ginn. Et soll een d'Kanner an der Welt vum Internet net eleng loossen, well se ganz liicht op Sitë kommen, déi net fir d'Kanner adaptéiert sinn. Dofir ass et och wichteg, datt ee kontrolléiert wat si kucken.
Kee Kand däerf schaffen, et ass awer keng Aarbecht, wann e Kand doheem der Mamm am Stot hëlleft. E Fall illustréiert als Beispill wat reell Kanneraarbecht ass: e Jong vu 14 Joer huet mat senger Mamm an engem Café gewunnt an de Frënd vun der Mamm war Proprietaire vum Café. De Jong huet all Dag no der Schoul vu 16 Auer u bis 2 Auer nuets missen am Café schaffen. Säi Loun war just eng Kaart fir säin Handy ze fëllen. Dat ass scho richteg Kanneraarbecht. Vu 15 Joer un däerf e Kand an der Vakanz schaffen. 2 Méint maximal am Joer.
Wat och ganz wichteg ass, d'Kanner, déi an engem Heem liewen, hunn d'Recht hir Elteren ze gesinn. Kanner ginn an en Heem plazéiert, wann d'Elteren an enger schwiereger Situatioun sinn: si hunn hir Wunneng verluer, de Papp ass op eemol ouni Aarbecht. Si si finanziell ganz schlecht drun. Eng aner Detresse ass allerdéngs wa Gewalt am Spill ass, da kommen d'Kanner an en Heem well si musse geschützt ginn. Da muss dee Kontakt ganz virsiichteg ulafen.
Schwiereg ass et, wann d'Eltere gescheet ginn a wann si vill streiden. E Kand brauch déi 2 Elteren. Si bleiwen Elteren, och wann se keng Koppel oder Partner méi sinn. Et ass wichteg, dass e Kand weess, dat ass meng Mamm an dat ass mäi Papp.

- **Wéi gëtt een Ombudsfra? Säit wéini sidd Dir Ombudsfra a wat fannt Dir am Wichtegsten un Ärer Aarbecht?**

Madame Rodesch-Hengesch: D'Familljeministesch Marie-Josée Jacobs huet mech gefrot, ob ech wéilt Ombudsfra ginn, fir mech fir d'Rechter vum Kand anzesetzen. Si huet mäin Numm der Regierung proposéiert an ech krut zesumme mat 5 anere Leit, déi mat zum Comité gehéieren eng Ernennung vum Grand-Duc fir déi Charge ze iwwerhuelen. Ech hat virdrun duerch meng Aarbecht an der Fondation Maison de la Porte ouverte vill Erfahrung mat Kanner an Nout krut. Sécherlech war dat ee Critère, dass d'Madame Jacobs mech du gefrot huet, fir Ombudsfra ze ginn. Eise Komitee gouf fir d'éischt 2003 fir 5 Joer genannt an dono si mir nach eng Kéier fir 5 Joer verlängert ginn.
Dat wichtegst ass, datt et de Kanner gutt geet. D'Kanner leide beispillsweis schrecklech, dat gesinn ech am Alldag, wann hir Elteren sech net verstinn. An am wichtegste fir mech ass et wann ech et fäerdeg bréngen, den Elteren de Message ze ginn erëm respektvoll mateneen ze kommunizéieren, an dass d'Elteren sech net bei de Kanner zou streiden. Ech hu gären Harmonie, d'Kanner hunn och gären Harmonie.
Wichteg ass, datt een d'Kanner ëmmer nees lueft, unerkennt wat si gutt maachen an si net nëmmen op hiert Fehlverhale jugéiert.

- **Vu wéi engem Alter un a bis zu wéi engem Alter ginn d'Kannerrechter ugewannt?**

Madame Rodesch-Hengesch: Vun der Gebuert u bis 18 Joer. Mat 18 Joer ass ee groussjäreg. Kanner sinn och duerch d'Jugendschutzgesetz geschützt bis 18 Joer. Och wann ee mol eng gestëbst huet, an der Pubertéit kritt een ni ee Casier judiciaire. Wann een awer eng komme léisst an et ass een 18 Joer an e puer Deeg, da gëtt een eréi en Erwuessene behandelt. Kanner hunn e spezielle Schutz, wat awer net heescht, datt se keng Strofe kréien. E Jong, lo als Beispill, dee 16 Joer huet a mam Auto fiert ouni Führerschäin, dee kënnt natierlech virun de Jugendriichter an do ginn d'Elteren zu Recht gewisen an de Jong och. Vläit kënnt en och an en Heem oder e muss verschidden Aufgabe man, fir dat erëm gutt ze maachen. D'Strof steet awer ëmmer a Relatioun mat deem, wat d'Kand oder de Jugendleche gestiicht huet.

- **Wéini ass et an Ären Aen noutwenneg, d'Kanner vun den Elteren ewech ze huelen?**

Madame Rodesch-Hengesch: Wann d'Kanner bei den Elteren a Gefor sinn. Wann Eltere Kanner schloen oder wann eng immens Vernoléissegung kann nogewise ginn. Wann d'Elteren Drogen huelen oder vill Alkohol drénken an si hunn e klenge Baby, fir deen se d'Verantwortung net kënnen iwwerhuelen, muss d'Geriicht agräifen an e Placement decidéieren. Et soll een d'Kanner wierklech nëmmen am extreme Fall vun den Elteren trennen. D'Notioun vun der Gefor ass wichteg an deem Kontext. Et ass awer och wichteg, dass een den Elteren eng Plaz am Liewe vum Kand reservéiert. Fir dass d'Kand weess, ween seng Eltere sinn.

- **Wat sinn déi heefegst Verstéiss géint d'Rechter vun de Kanner hei zu Lëtzebuerg?**

Madame Rodesch-Hengesch: Dat kënne Verstéiss op ville Gebidder sinn. Mir ginn am ORK am meeschte mat Situatioune

befaasst, wou d'Elteren sech trennen a wou se ganz vill ronderëm d'Kanner streiden. An d'Kand huet wéi virdru gesot, d'Recht drop Kontakt mat Mamm a Papp ze hunn. An dat ass fir mech ganz, ganz wichteg an ech kucken ëmmer d'Elteren ze beweegen net mateneen ze streiden.
Da ginn et aner Situatiounen, wou e Kand Gewalt an der Schoul erlieft duerch aner Kanner, muenchmol och psychesch Gewalt duerch Léierpersonal: stännegt Erofmaachen, eekleg Bemierkungen, Mobbing.....
Heefeg kréie mir d'Gewalt am Internet gemellt. Wéi Cyber Bullying d.h. wou Kanner de Geck mat anere Kanner maachen, iwwert Youtube, Facebook... Kanner si Geforen ausgesat- hir Biller gi benotzt- si risquéieren „prédateurs sexuels" mat schlechten Intentioune kennen ze léieren, déi hinne Proposë maachen. Dat nennt e Grooming.
Wat natierlech ganz schlëmm ass, wann d'Kanner sexuell mëssbraucht gi vun engem Erwuessenen oder engem, deen Autoritéit op se huet. Vun engem Papp, vun engem Grousspapp, vum Frënd vun der Mamm... Dat kënnt souwuel bei Jonge wéi bei Meedercher vir. Dat ass en Trauma fir d'Kanner!

- **Wee kënnt bei iech mat sou engem Verstouss? Kommen d'Kanner, d'Elteren? Wéi leeft sou eng Prozedur iwwerhaapt of?**

Madame Rodesch-Hengesch: Jo et ass am beschten si huele Rendez-vous a mir empfänken d'Kanner. Kleng Kanner kommen natierlech mat den Elteren oder Grousselteren. Et sinn och Kanner aus Heemer, déi bei eis kommen. Jugendlecher kommen oft eleng.

- **Ginn et Strofe bei Verstéiss géint Kannerrechter? Wéi gesinn déi Strofen aus, wann et der ginn? Wann et keng ginn, firwat gëtt dat dann net bestrooft a wéi wëll een d'Leit dann dozou beweegen, sech drun ze halen?**

Madame Rodesch-Hengesch: Verschidde Kannerrechter si schonn a Gesetzestexter festgehalen. Wéi z. B. datt ee keng Gewalt däerf géint Kanner ausüben, dat gëtt am Strofgesetz bestrooft. Wat do typesch ass bei de Mësshandlungen, dat si Verbrennungen, wou dann d'Elteren Zigaretten op de Kanner ausdrécken op hiren Äerm beispillsweis. Kanner déi eis signaliséieren datt se mëssbraucht gi sinn, dirigéiere mir direkt bei d'Police judiciaire Protection de la Jeunesse oder mir schreiwen un de Parquet.
Elo rezent hu Kanner eis geschriwwen, déi iwwert engem Bistro wunnen, wou ëmmer Karaoke owes ass an déi sinn engem infernalesche Kaméidi ausgesat; si kënnen net méi roueg schlofen. E Bistro huet jo normalerweis just bis 1Auer op a wann se méi laang wëllen ophunn, da mussen se eng extra Ufro un d'Gemeng stellen, fir eng Nuit blanche ze hunn. Dës Kanner hu kee Recht méi op Nuetsrou. Mir hu versicht duerch Bréiwer déi verschidden Autoritéiten, déi entscheede kënnen, ze sensibiliséieren.
Wann eng Sträitsituatioun ass, kucke mir ëmmer nom Kand; mir ergräife Partei fir d'Kand a mir kucken ëmmer zu sengem bescht méigleche Wuel eng Léisung am Fridden ze fannen. An heiansdo ass och de Choix net un de Parquet ze schreiwen, wou mir wëssen, dat kréie mer net bewisen, an wou mir da kucke mat de Parteien ze schwätzen, dass se de Konflikt ausschwätzen an dass se iergendwéi am gudden zesummen eng Léisung fannen.
De Komitee ass eng neutral Autoritéit, déi eescht geholl gëtt. Mir kënnen iwwerall higoen, wou Kanner betreit ginn. Am Gesetz steet, dass mir iwwerall mussen eragelooss ginn: an der Schoul, an der Klinik, am Prisong, an de Crèchen, an de Maison Relaisen.
Mir hunn erreecht, dass d'Verjährungsfrist bei engem Kand wat mëssbraucht ginn ass, eréischt mat 18 Joer uleeft, dat heescht, e Kand, dat mat 9 Joer mëssbraucht ginn ass ka bis 28 Joer Plainte féieren. E Mëssbrauch ass ëmmer schwéier ze beweisen an an deem Sënn bewierke mir dann och Gesetzesännerungen oder dass Texter geännert ginn am Code pénal. Déi Leit, déi sech u Kanner vergräifen, gi vill méi streng bestrooft. En neie Gesetzestext ass am Juli 2011 gestëmmt ginn.
Mir géingen eis wënschen, dass d'Gesetz iwwert d'anonym Gebuert geännert gëtt, d.h. dass eng Zentralstell geschaf gëtt fir eng Identitéit vun enger Mamm oder engem Kand nozesichen. Eng Mamm huet zu Lëtzebuerg d'Recht e Kand anonym op d'Welt ze setzen. E Kand ass da fräi fir d'Adoptioun. D'Kand gëtt ni gewuer, ween seng biologesch Mamm war. Frankräich huet esou en zentrale Büro geschaf, wou eng Mamm kann e Bréif hannerleeën an hirem Kand erklären, firwat si et net konnt bei sech halen an erzéien. Kanner stellen sech vill Froen an si sinn traureg, wann si näischt iwwert hir Hierkunft kënne gewuer ginn. Zesumme mam Här Marc Fischbach hu mir eng Propositioun un de Justizminister gemaach fir dat ze änneren. Leider ass bis elo nach näischt geschitt.
Mir wënschen eis och, wann d'Elteren sech trennen oder scheeden, dass déi ganz Saach mat der Scholdfro an den Zeien-

aussoen ofgeschaaft gëtt. Dat bréngt de Kanner guer näischt. Wann d'Bomi oder d'Nopesch fir deen ee schwätzt an dann aner Zeie fir deen aneren. Dat bréngt vill Sträit a Konflikter fir d'Kanner, a sécher och den Affekoten eppes an d'Keess. Mee d'Kanner sinn onglécklech. Si wënschen sech ëmmer Harmonie.

- **Wat ass am Gesetz zu Lëtzebuerg virgesi fir d'Kanner ze schützen? Ass dëse Schutz effektiv genuch?**

Madame Rodesch-Hengesch: Jo schonn, mä et ass ëmmer, wann en Täter muss bestrooft ginn, da muss een et kënne beweisen. Ech mengen, dat schlëmmst wat et gëtt, dat ass de sexuelle Mëssbrauch an do ass jo ni en Zeien dobäi. Do steet d'Ausso vum Kand géint dem Täter seng. Zemools dann, wann ee keng konkret Unzeechen duerch Verletzungen huet an net beluecht duerch en Certificat médical. Dat ass heiansdo net esou kloer, besonnesch och wa kleng Jonge mëssbraucht gi sinn, dann ass dat ganz schwéier ze beweisen.

- **Setzt Dir lech och dofir an, wa Kanner sech net un d'Rechter vun anere Kanner halen (mir denken z. B. u Gewalt) oder fält dat op d'Elteren zeréck?**

Madame Rodesch-Hengesch: Natierlech, wa mir domat befaasst ginn. Et gëtt leider och ebe vill Gewalt ënner de Kanner. Kanner kënnen heiansdo ganz grausam sinn. Mir hunn och Kanner erlieft, déi behënnert Kanner sou gemoppt hunn oder mat hinnen de Geck gemeet hunn, am Internet an am Schoulhaff. Et leeft villes an den Toiletten, an den Gäng of, mir haten eng Kéier eng Situatioun, dat ass elo e puer Joer hir, do ware Kanner aus dem 5. Schouljoer, déi waren an zwee Clanen an déi hunn sech wierklech regelrecht bekricht ënnerteneen, sou dass bei engem Kand en Abschidsbréif fonnt ginn ass. Hatt wollt sech d'Liewen huelen. Et war just eréischt 10 Joer al. Ech hunn du mat deenen zwou Gruppen diskutéiert a mir hunn erausfonnt, dass schonn d'Pappe vun de Kanner esou Sträit haten, deen se op d'Kanner iwwerdroen hunn. Do ass vill Aarbecht a Konfliktbehandlung an der Schoul gemaach ginn, fir mat deenen zwee Clanen ze schwätzen. Wann ech d'Zäit net hunn fir dat selwer ze maachen, ginn ech d'Informatioune confidentiel un de Service de guidance vun der jeeweileger Schoul weider.

- **Wéi ginn d'Kanner an d'Elteren iwwert d'Kannerrechter informéiert?**

Madame Rodesch-Hengesch: Mir hunn an all Schoulen, am ganze Land en Daumekino ausgedeelt. Dat éischt, wat ech gemaach hunn, wou ech Ombudsfra gi sinn, hunn ech de komplizéierten Text vun der Kannerrechtcharta an eng vereinfacht Sprooch ëmgeschriwwen. Deen hu mer an engem Daumekino op Franséisch an op Däitsch iwwersat. An deen ass an alle Klassen am 5. an am 6. Schouljoer an op 7ième, 8ième an 6ième ausgedeelt ginn. Dat ass e gudden Alter fir d'Kanner ze informéieren, mat der Oplo dass d'Enseignanten, Léierpersona mat de Kanner d'Thema Kannerrechter uschwätzen an thematiséieren. Dat ass deelweis ganz serieux gemaach ginn, leider gouf et och Enseignanten, déi hunn den Daumekino hannen an e Schaf geluecht.
Mir informéieren och iwwert d'Press, iwwert iech, iwwert Radio an Télee, wou mir regelméisseg Stellung zu verschidde Froen huelen.

- **Sidd Dir der Meenung, wat d'Anhale vun de Kannerrechter ugeet, datt et besser geet zu Lëtzebuerg oder méi schlecht?**

Madame Rodesch-Hengesch: Ech denken et ass awer scho ville verbessert ginn, well et gëtt op eis gelauschtert. Mir ginn den 24.01.12 an d'Chamberkommissioun, wat ganz wichteg ass, dass mer d'Geleeënheet hu mat de Politiker ze schwätzen.

Den Ombuds-Comité fir d'Rechter vu

Et ass schonn déi lescht Joere villes verbessert ginn. Och am Ëmgang mat den Elteren. Et si vill Servicer, déi an den Heeme Elterenaarbecht maachen.
Nach ëmmer komme regelméisseg Jugendlecher an de Prison well d'Unité de Sécurité zu Dräibur nach net fäerdeg ass. Déi Konstruktioun dauert éiweg. Mir krute versprach, dass si soll Enn dëst Joer, spéitstens Ufank 2013 fäerdeg ginn. Déi betraff Jugendlech hunn eppes gestiicht a géint d'Gesetz verstouss. Dofir muss ganz intensiv Erzéiungsaarbecht gemaach ginn. El

© Madame Rodesch-Hengesch / ORK

sinn se am Prisong an do geschitt net vill mat hinnen, do ginn se keng besser Mënschen.

- **Wat ass den ONE? Kënnt Dir eis dat kuerz erklären an och soen, wéi den Ombudskomitee fir d'Rechter vum Kand dozou steet?**

Madame Rodesch-Hengesch: Zu Lëtzebuerg ass et bis 2008 nëmmen e Gesetz ginn iwwer de Jugendschutz, Protection de la jeunesse. All Placementer an d'Heemer sinn iwwert d'Jugendgeriicht gelaf. Den ONE bedeit Office national de l'enfance: et ass e Gesetz iwwert d'Aide à l'enfance. D'Zil vun deem Gesetz war dass d'Placementer vun de Kanner net méi all sollen iwwert d'Geriicht lafen. Eng Famill an Nout kann hir Kanner fräiwëlleg placéieren, d.h. d'Eltere behalen d'Responsabilitéit, déi elterlech Gewalt iwwert d'Kanner. Bei engem Placement iwwert d'Geriicht geet d'Autorité parentale un d'Institutioun. Haaptiddi vum Gesetz war d'Placementer ze „déjudikariséiren". De Finanzement vun de Kanner an den Heemer ass nei iwwerduecht ginn. Et gi vill Kanner mat spezielle Bedürfnisser, déi brauchen eng ganz intensiv Betreiung, vill Hëllef vun den Erzéier an et gi Kanner, déi brauche manner Betreiung.

- **Wéi ass et mat der psychescher Gewalt?**

Madame Rodesch-Hengesch: Psychesch Gewalt kann oft méi schlëmm sinn, wéi déi physesch Gewalt.
E Kand, dat permanent erofgemaach gëtt, mat deem ëmmer nees de Geck gemaach gëtt, risquéiert ganz schlëmm ze leiden. Wa mir mat esou engem Fall befaasst ginn, da kucke mir, ween den „Täter" vu psycheschem Mëssbrauch ass. Dat kënnen aner Kanner sinn, dat kann een Enseignant sinn, een aus dem sozialen Ëmfeld vum Kand, een aus der Famill. Mir huele Kontakt op a versichen ze verstoen. De Schoulinspekter ass e wichtegen Interlocuteur. Mir schwätze mat den Elteren a mir kucken eng Léisung ze fannen. Et ass wichteg de Konflikt un- an auszeschwätzen, an d'Kanner léiere matenee respektvoll ze schwätzen. Peer Mediation ass an deem Sënn eng flott Initiative: D'Kanner ginn als Konfliktschlichter ausgebilt. D'Kanner hunn eng aner Approche zu der Konfliktbehandlung. Si sinn ënnert sech ouni Erwuessener, fir sech ënnerteneen auszeschwätzen.
Linda Berscheid: A verschidde Situatiounen an der Schoul, wou d'Kanner sech dann an d'Hoer kréien, wëllen se net onbedéngt mat engem Erwuessene schwätzen, well se dann Angscht hunn, dass se bestrooft ginn, an et ass a verschidde Situatioune besser, datt d'Kanner hir Konflikter ënnert Kanner regelen. Dat heescht si gi bei e Mediateur, och e Kand, mat deem si de Sträit thematiséieren. Da seet deen een, wéi en dat gesäit, deen aneren, wéi hien dat gesäit an da gëtt zesumme mam Mediateur probéiert eng Léisung ze fannen am Friddlechen. Déi Erwuessen, Proffen oder Schoulmeeschtere ginn dovun näischt gewuer, déi hunn domat näischt ze dinn. Dat ass einfach ënnert de Kanner, wou dat sech do regelt. Et ass heiansdo méi einfach, wann een Erwuessenen sech net amëscht.

- **Gouf et dat do da schonn zu Lëtzebuerg, déi Mediatiounsübungen?**

Linda Berscheid: Wou ech am Lycée war, do war dat ganz nei. Dat war 2004. Do ass de Projet gemaach ginn an de Lycéeën. Do hunn se dat ugefaangen, dat gëtt et haut awer ganz vill. Et huet sech vill entwéckelt an de Schoulen.

- **Kommen d'Kanner vum selwe fir dat matzemaachen oder ginn se gefrot oder wéi geet dat?**

Linda Berscheid: Den SNJ ass bei eis an d'Schoul komm, huet de Projet virgestallt an huet dann déi Formatioun ugebueden, d.h. dat ware 5 Weekender, wou déi Formatioun war. Wann een da Loscht hat fir sech do ze mellen, konnt een sech do op d'Lëscht aschreiwen an déi Formatioun da matmaachen. Et gouf ee geléiert, wat ee soll maachen dass een neutral soll sinn an et engagéiert een sech net an der Schoul z'erzielen, wat an deem Gespréich gesot ginn ass. Dono kritt een en Certificat an dann ass ee Mediateur.
Mir hate bei eis an der Schoul z. B. ee Raum an do huet och kee Proff dierfen erakommen, dat war nëmme fir d'Schüler.

Villmools Merci fir d'Gespréich!

Ombuds-Comité fir d'Rechter vum Kand
2, rue Fort Wallis
L-2714 Luxembourg
Tel: +352 26 123 124
Fax: + 352 26 123 125
Email: marhork@pt.lu